

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet, allgemeng gesinn, ee Mangel un Dokteren - en Ëmstand, deen sech duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem nach verschäerfe kéint. Et wär dohier noutwenneg, eng reegelméisseg Oplëschtung ze erstellen, wéi vill Dokteren - och opgeschlësst no Fachrichtung - an Zukunft viraussiichtlech gebraucht ginn. Dëst géif et de Medezinsstudenten zum Deel och erliichten, hir jeeweileg Fachrichtung auszewielen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Kann d'Madamm Ministesch d'Entwécklung vun der Unzuel un Doktere vun de leschten 20 Joer beschreiwen, zousätzlech opgeschlësst no der jeeweileger Fachrichtung?
2. Existéiert déi uewe genannten Oplëschtung, wéi vill Medezinner an Zukunft zu Lëtzebuerg gebraucht ginn, opgeschlësst no Fachrichtung, fir kënnen der Entwécklung vun eisem Bevëlkerungswuesstem Rechnung ze droen?
3. Wa jo, wéini a wéi dacks gëtt esou eng Oplëschtung publizéiert? Sinn déi concernéiert Acteuren aus dem medezinesche Beräich all informéiert iwwert dës Oplëschtung?
4. Wann nee: Wäre et an den Ae vun der Gesondheetsministesch net sënnvoll, esou eng Oplëschtung op d'Been ze stellen? A wéi engem zäitleche Kader kéint dës Oplëschtung realiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten